# WAT S DE MANNER RESCHT OFFALL HUES
# WAT S DE MÉI SUE SPUERS!

## FIRWAT ASS ENG UPASSUNG VUN DEN OFFALLPRÄISSER NÉIDEG ASS?

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,
Als Gemeng engagéiere mir eis, Iech op eng transparent Aart a Weis iwwert déi wichteg Changementer ze informéieren, déi den 1. Juli 2024 a Kraaft getruede sinn, dëst opgrond vun enger Decisioun déi den 22. Mäerz 2024 am Gemengerot geholl ginn ass. D'Gemeng Bartreng ass legal gehalen, verschidden Tariffer unzepassen, besonnesch déi, déi un d'Offallgestioun geknäppt sinn, konform zum Prinzip vum "pollueur-payeur". Dës Upassunge si wichteg fir käschtendeckend kënnen ze schaffen an Iech och weiderhi kennen e Qualitéits Service ze bidden, op deen Dir Iech verloosse kënnt. D'Offallpräisser si säit dem 7. Februar 2020 net méi geännert ginn.

Mir verstinn datt esou Präiserhéijunge Bedenke kennen ervir ruffen. Dofir wëlle mir Iech am Detail erkläre wéi et zu dësen Upassunge komm ass.

## OFFALLPRÄISER

Fir en aktiven Ëmweltschutz muss en nohaltege Recyclage vum Dreck garantéiert sinn. Dat ungepasstend Gesetz iwwer Offall vun 2012 schreift de Gemenge vir, hir Tariffer nom Prinzip vum "Pollueur-payeur" z'adaptéieren.

Säit dem 7. Februar 2020 sinn d'Offallpräisser fir d'Awunner vun der Gemeng Bartreng net méi gehuewe ginn. Opgrond vun der Erhéijung vun de Käschte vum SICA (Syndicat Intercommunal pour l'Hygiène Publique du Canton de Capellen), ass et noutwenneg ginn d'Tariffer nom Prinzip vum "pollueur-payeur" ze adaptéieren, fir datt d'Gemeng käschtendeckend schaffe kann.

### E PUER BEISPILLER FIR DËS UPASSUNGE SINN:

- D'Grondsteier gëtt vun 12 € op 15 € gehéicht.
- De Präis fir de Vidange vun enger groer Dreckskëscht vun 120 Liter gëtt vun 1,60 € op 2,50 € eropgesat.
- De Präis pro Kilo Offall gett vun 0,19 € op 0,40 € gehéicht.

Déi gréisst Erhéijung betrëfft d'Reschtoffäll, wat zu méi engem groussen Tri dierft ureegen. Doduerch ass d'Erhéijung an hirem Ausmooss begrenzt. Duerch dës Upassunge soll eng verantwortungsvoll Offallgestioun an eiser Gemeng gefërdert ginn.

Mir sinn eis bewosst, dass dës Upassungen zousätzlech finanziell Käschte fir d'Awunner wäerte verursaachen, mee dës sinn onerlässlech fir d'Anhale vun de gëltege Gesetzer.





2, Beim Schlass
L-8058 Bertrange

B.P. 28
L-8005 Bertrange

Tel: 26312-358 /-351 /-354
Fax: 26312-355

Lundi au Vendredi
08:00 -12:00 & 13:00 -16:00

recette@bertrange.lu
www.bertrange.lu

# HEI FANNT DIR ENG
# BERECHNUNGSSIMULATIOUN

Denkt weg drun, datt dëst e Beispill ass, all Stot ass eenzegaarteg. Déi zur Verfügung gestallte Beispiller an Informatioune wäerten Iech awer hëllefen, Är Käschten ze simuléieren. D'Detailer vun Ärer Rechnungsopstellung fannt Dir op der Récksäit vun Ärer leschter Gemengerechnung.

Vill all weider Froe sti mir Iech zur Verfügung. Bei Froe went Iech weg per E-Mail (recette@bertrange.lu) oder per Telefon (26 312-358) un ons.

BEISPILL VUN ENGER RECHNUNG FIR EN 3-PERSOUNE STOT AN ENGEM EEFAMILLJENHAUS

## DETAILER VUN ÄRER RECHNUNG

### OFFALL BASIS

Quantitéit: 3 MÉINT
Basissteier pro Haushalt

| AKTUELLE PRÄIS | NEIE PRÄIS | |
|---|---|---|
| P.U.: 12,00 EUR | P.U.: 15,00 EUR | 36,00 / 45,00<br>*36,00 / 45,00* |

### OFFALL VIDANGE

Steier
Präis fir Vidange, Gewiicht an aner Servicen

AKTUELLE PRÄIS | NEIE PRÄIS

34,03 / 53,80
*34,03 / 53,80*

| Steier | Fract | Vol | Quant | Eenheetspräis | Total | Eenheetspräis | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Vidange | Gro Poubelle | 240l | 6,0 | 2,5000 | 15,0000 | 3,5000 | 21,0000 |
| Vidange | Blo Poubelle | 240l | 2,0 | 4,1000 | 8,2000 | 5,0000 | 10,0000 |
| Gewiicht | Gro Poubelle | / | 57,0 | 0,1900 | 10,8300 | 0,4000 | 22,8000 |

AKTUELLE PRÄIS
**70,03**

NEIE PRÄIS
**98,80**

De Schäfferot
Monique SMIT-THIJS, Youri DE SMET, Frank COLABIANCHI